N°3368
Entrée le 19.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.12.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3032 betreffend der Reeducatioun vu Kriibspatienten hat d'Gesondheetsministesch follgend Informatioune geliwwert:

*"Tëschent dem 1. Januar 2023 an dem 20. Oktober 2025 huet den CRCC insgesamt 93 Demanden ëmorientéiert oder refuséiert. Dat entsprécht knapp 12 % vun den Demanden an der Period. […]*

"*Wann de CRCC sech an der Onméiglechkeet gesäit, engem Patient eng adequat Rehabilitatioun unzebidden, gëtt déi Persoun systematesch ëmorientéiert.* […] *Fir eng Rehabilitatioun an der Geriatrie gëtt zum Beispill an den Hôpital Intercommunal Steinfort (HIS) oder an d'Spideeler ëmorientéiert, an anere Fäll gehéiert de Rehazenter zu deenen Etablissementer, an déi am heefegsten ëmorientéiert gëtt."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Opgrond vu wéi enge Krittäre goufen d'Leit refuséiert?
2. Bidden d'Strukturen am Hôpital Intercommunal Steinfort an am Rehazenter déi nämmlecht Prestatiounen an der nämmlechter Qualitéit un, wéi am Centre de Réhabilitation Château de Colpach?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Wéi vill Patient:innen goufen an deene leschte Joren an auslännesch Etablissementer geschéckt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten